

Här Chamberspresident,

Madame Presidentin vum Staatsrot,

Här Buergermeeschter vun Woltz,

Léif Zäitzeien,

Léif Éieregäscht,

Dir Dammen an dir Hären,

Erlaabt mir fir t 'éischt dem Buergermeeschter vu Woltz an dem President vum *Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* fir hir Rieden Merci ze soen. Den Här Arndt ass schonns ausféierlech op d 'Evenementer aus dem zweeten Weltkrich an dem Streik agaangen, Evenementer déi ons haut zesumme bréngen.

(Vläicht hei e Wuert soen iwwer di lokal Verrieder?)

De *Comité mémoire* ass och erëm haut ganz staark vertraueden. Ech apprécieieren wéi si sech besonnesch fir d 'Gedenk-Aarbecht vun an mat deenen Jéngsten asetzen. Den 21ten Januar dëst Joer ass et zou enger flotter Zesummenaarbecht tëschent dem Lycée du Nord an dem Comité komm an dat mat der sougenanntener "Rucksak-Bibliothék". An deem Kader hunn Schüler sech intensiv mat der Thematik vum zweeten Weltkrich ausernaner gesat andeems si op Dokumenter aa Bicher aus der "Rucksak-Bibliothék" vum Comité reagiert hunn.

Déi geplangten Brochure vum Comité iwwert den zweeten Weltkrich ass och e ganz vill versprechenden Projet, dee weist wéi een haut d 'Jugend kann abannen an *Mémoire* och 75 Joer nom Ënn vum zweeten Krich.

Et ass jo haut esou datt déi meescht vun eis glécklecherweis keng Krichszäiten erlieft hunn. An villäicht vergiessen mir dann heiansdo datt dës Situatioun keng Selbstverständlechkeet ass. Dofir sollen mir all Dag drun schaffen fir datt mir och weiderhin kënnen am Fridden zesumme liewen.

Ech wëll awer och ënnersträichen, datt vill Matbierger net den Privileg haten fir déi leschten 75 Joer am Fridden ze liewen. Deeler vun eiser Bevëlkerung hunn missen hir Heemecht verloossen wéinst Krich an Onrouen. An dat ganz oft just virun eiser Hausdier, wéi zum Beispill an Ex-Jugoslawien oder an Syrien (Syrien as manner virun eiser Hausdir), fir just déi zwee Krisengebidders aus deenen lëschten drësseg Joer ze nennen.

Och vill Lëtzebuurger hunn 1940 aus eisem Land missen flüchten, virun allem a Richtung Frankreich, wéi d 'Wehrmacht Lëtzebuerg iwwerfall huet. Et ass also eis Aufgab, dat och mir Versteesdemech an Empathie opbréngen wenn Leit virun Krich, Folter an Misère mussen flüchten

an bei eis no Gebuergeheet an Sécherheet sichen. Den Humanismus dee mir eis op den Fändel schreiwen imposéiert eis dat Behuelen an déi nächst Generatiounen wäerten ons och heirun moossen.

Vill zevill oft huet een awer missen materliwen wéi déi lëscht Joeren Intoleranz, Ausgrenzung, Antisemitismus an Rassismus ëmmer méi eng grouss Platz an öffentlechen Aussoen fonnt hunn. Déi sozial Medien awer och den politeschen Mateneen hunn nees en Discours méiglech gemaacht, vun deem mer duechten datt en haut net méi méiglech wier. Déi tragesch Evenementer aus deenen leschten Joeren weisen zu wat den Haass awer kann *in extremis* féieren. Do sollen mir zesumme stoen an eis ganz kloer géint Haass an blannen Rassismus positionéieren.

Dacks gëtt gesot datt mir net dierften vergiessen an datt mir eis mussen asetze fir déi Wäerter, fir déi eis Virfare agegrueden sinn. Deen Opruff ass villäicht en bëssen abstrakt, mee un eis ass et den Opruff mat Liewen ze fëllen. All Generatioun huet och do hir ganz eegen Verantwortung. Dofir fannen ech et och immens flott wenn den politeschen Dialog haut och ëmmer méi eng zentral Roll béi der Jugend kritt an huet. Sief et, datt si sech vir den Klimawandel asetzen, fir Leit déi sozial méi schwach sinn oder fir méi Toleranz an eng oppen Gesellschaft, en Thema deem de Gedenktag vun haut immens no ass. Mir däerfen also nët *d'Hänn an den Schouss* leeën, mee mir mussen eis weiderhin fir eng Gesellschaft asetzen déi sech un demokrateschen Wäerter orientéiert.

An där aktueller Corona-Pandemie stoung déi ganz grouss Majoritéit vun eis zesummen fir et eis alleguerten ze erlaben méi staark aus där Situatioun eraus ze kommen. Eng absolut Minoritéit profitéiert awer och an esou Situatiounen fir hiren Friemenhaass, hiren Antisemitismus an "*Verschwörungstheorien*" ze verbreedden. Eis oppen an tolerant Gesellschaft däerf esou engen Tendenzen awer kee Nährbueden bidden.

Eis Stärkt läit an deem, wat mer alleguerten zesumme maachen. Dofir ass et wichteg, dass keen d'Gefill huet, vernoléissegte ze ginn oder esouguer ausgegrenzt ze ginn. Solidaritéit, Toleranz, Matgefill an Inclusioun mussen an eisem Alldag selbstverständlech sinn a bleiwen. Nëmme esou bleift och eng Zeremonie ewéi déi vun haut weiderhin relevant an hirer Zäit. Dat sinn mir eise Leit schëlleg, déi sech genee fir déi Wäerter agesat hunn, mä virun allem och eis selwer.

Ech si ganz sécher, datt mir déi Erausforderungen zesumme meeschtere kënnen an esou gemeinsam zu enger oppener, toleranter an sécherer Gesellschaft hei zou Lëtzebuerg an iwwert eis Grenzen eraus bäidroen. Et ass e kollektiven Effort mat villen Chancen fir eis Zukunft alleguerten.

Ech soen Iech Merci.